N°3272
Entrée le 28.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

A menger Fro n°3127 wollt ech Informatiounen dozou, ënnert wéi enge Bedingunge Staatsbeamten d'Affekotskäschten vum Staat virgestreckt an iwwerholl kréien. Dëst am Kontext vun engem méi bekanntene Fall, wou den Ex-Generaldirekter vum Mudam Käschte virgestreckt krut.

De Minister wollt zu dësem spezifesche Fall keng ëffentlech Ausso zu dësem Dossier maachen. Et geet hei awer net drëms, een eenzelnen Dossier ze bewäerten oder Stellung zur enger Justizaffaire a sengem Contenu ze huelen, mee dorëms, ob de Staat hei den Affekot bezilt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister op mannst bestätegen, dass de Staat d'Affekotskäschten am Fall vum Ex-Generaldirekter virgestreckt huet?

2. Kann de Minister bestätegen, dass de Staat d'Affekotskäschten am Fall vum Ex-Generaldirekter iwwerholl huet?

   Falls de Minister net dorobber äntwerte wëll, dann ass dovunner auszegoen, dass meng Informatioune stëmmen an de Staat bezilt den Affekot.

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés